Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister, den Här Arméiminister an den Här Bausseminister weiderzeleeden.

De 7. September war an der Washington Post ze liesen, datt den Här Generol Zaluzhny, Chef vum ukraineschen Etat-Major, de Risiko, datt déi féierend global Militärmuechten direkt an eng bewaffent nuklear Ausernanersetzung an domat en 3. Weltkrich an der Ukrain materagezu ginn, net méi weider ausschléisse wëll.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Regierung hir allgemeng Positioun zu der Ausso vum héijen ukraineschen Offizéier elaboréieren?
2) Kann d'Regierung matdeelen, ob si an dësem ëmmer méi immanente Risiko vun engem Nuklearkrich eng Ursaach gesäit, fir hir aktuell Politik ze iwwerdenken an och kuerzfristeg op eng diplomatesch Léisung tëschent Russland an der Ukrain hinzeschaffen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten